

Här Gast Gibéryen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. November 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

*Déi fréier Glaciskapell um Glacis spillt eng ganz besonnesch Roll an der Lëtzebuenger Geschicht.*

*D'Kapell ass 1628 geweit ginn, zur Eier vun der Muttergottes, Tréischterin am Leed, déi zanter 1666 als Schutzpatréinerin vun der Stad Lëtzebuerg gëllt an zanter 1678 Patréinerin vum ganzen Duché ass.*

*Bei den Aarbechte fir den Tram, um Glacis, waren em een Hoer d'Fëllementer vun der Glaciskapell zerstéiert ginn. No enger Interventioun vun engem Awunner huet den "Nationalen Zentrum fir archeologesch Recherchen" (CNRA nom franséischen Akronym) intervenéiert. Haut sinn op där Plaz, um Eck tëschent der Faïenceries Avenue a Resistenzler Allee, keng Iwwerreschter oder Hiweiser ze gesinn, déi un déi fréier Glaciskapell erënneren.*

*Op meng parlamentaresch Fro aus dem Joer 2015 (parlamentarescht Dokument 1981) ass ënner anerem festgehale ginn : "Dat huet dem CNRA et erméiglecht, e Relevé vun den Iwwerreschter ze maachen. Nodeems d'Iwwerreschter propper fräigeluecht waren, gouf eng 3D-Digitaliséierung gemaach, an där sämtlech Informatiounen zu dësem Deel vun der fräigeluechter Kapell erfaasst sinn." A weider gouf als Zil genannt: „déi entdeckt Fëllementer a Sockele maximal ze erhalen“.*

*An deem Zesammenhang wéilt ech dem Här Staatsminister an dem Här Kulturminister dës Froe stellen:*

- 1) Wat ass aus den Aarbechte vum CNRA zréckbehalte ginn? Gëtt et en Publikatioun? Ass et virgesinn, dës Recherche engem gréisserem Publikum zur Verfügung ze stellen?*
- 2) Wat ass aus dem Versprieche ginn, "déi entdeckt Fëllementer a Sockele maximal ze erhalen"?*
- 3) Ass et virgesinn, op der Plaz wou d'Kapell stoung, un dëst Gebai an un d'Geschicht vun der Tréischterin am Leed ze erënneren? Wa jo, a wéi engem Delai?*

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten